ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Oktober 2017

Här President,

déi parlamentaresch Fraktioun vun der ADR huet den 19. Oktober 2017 e Bréif un Iech geriicht, fir Iech ze bieden, den Här Educatiounsminister an eng Sëtzung vun der Educatiounskommissioun anzelueden, fir do Erklärungen iwwert d'Situatioun an d'Problemer mat der Disziplin an de Lycéeën ze ginn.

Fir dës Sëtzung beschtméiglechst kënne virzebereeden, wéilt ech Iech bieden, esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

1. Kann den Här Minister fir d'Schouljoren 2014- 2015, 2015 – 2016 an 2016 – 2017 folgend Zuele bekannt ginn:
   - d'Zuel vun de "*conseils de classe*" an Disziplinaraffären am Land,
   - d'Zuel vun de *"conseils de discipline*" (och no engem « *conseil de classe* » an enger Disziplinarfro), wëssend, datt de "*conseil de classe*" an Disziplinarfroen elo an där Form net méi existéiert?
2. Wéi vill Schüler hunn an deene betreffende Schouljore fräiwëlleg hir Schoul verlooss, ier si aus disziplinaresche Grënn virun e *"conseil de classe"* oder e *"conseil de discipline*" gestallt goufen?
3. A wéi enger Form hale sech den Här Minister an de Ministère iwwert déi disziplinaresch Problemer an de Schoulen informéiert?
4. Wéi eng Méiglechkeeten hunn d'Enseignanten, fir bei méi "klengen" disziplinaresche Problemer (Onhéiflechkeeten, Retarden, Verstouss géint de Fëmmverbuet, asw.) anzegräifen? Sinn dem Här Minister besonnesch Problemer am Kontext vun deene méi "klengen" disziplinaresche Problemer bekannt?
5. Hunn d'Gewerkschafte vun den Enseignanten an deene leschte Jore Fuerderungen am Beräich vun der Disziplin erhuewen, a wéi huet den Här Minister dorop reagéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique